

MÄIN OFFALL – MENG RESSOURCEN: DÉI NATIONAL OFFALL-APP ASS DO

Säin Offall richtig Entsuergen – dobäi soll déi nei App *Mäin Offall – Meng Ressourcen* hëllefen. Den digitalen Offallkalenner erënnert de User drun, seng Poubelle virun d’Dier ze stellen an eng interaktiv Kaart weist all verfügbar Sammelpazen am Land un, ob Container, mobil Sammlung oder Ressourcenzenter.

D’App, déi op 4 Sproochen an a ronn 85 Gemengen verfügbar ass, kann gratis am AppStore oder bei GooglePlay erofgeluede ginn. An Zesummenaarbecht mam Minsitère fir Ëmwelt, Klima an Nohalteg Entwécklung, verschiddenen Acteure vum Terrain an de Gemengen huet d’Ëmweltverwaltung dës App entwéckelt.

Wéi eng Gemenge beim Projet matmaachen, Downloads an all weider Informatiounen zu *Mäin Offall* fënnt een op www.emwelt.lu.

DAT KANN D’APP

- De **virtuellen Offallkalenner** erméiglecht dem User, d’Sammlungen vir seng Adress zu all Moment ze kucken, ob Pabeier, Valorlux oder Biopoubelle;
- De User kann sech **Erënnerungen** vir verschidde Sammlungen ariichten. Sou gëtt een zum Beispill um Virowend virun der Sammlung mat enger Push-Noriicht drun erënnert, seng Poubelle virun d’Dier ze stellen;
- Op der interaktiver Kaart fënnt een all ëffentlech Sammelpunkten, sief et Container, mobil Sammlung vun der SuperDrecksKëscht® oder Ressourcenzenter;
- En **Offallexikon gëtt Tipps**, wou wéien Offall am beschten entsuergt ka ginn;
- Falls eng Sammlung ausfällt oder geännert gëtt, kritt de User d’Informatioun iwwert eng **Push-Noriicht** vu senger Gemeng direkt op de Smartphone.

D’Ëmweltverwaltung schafft aktuell un der Versioun 2.0. Dës soll 2022 bereet sinn an de Bierger erméiglechen, Sammlungen op Ufro ofzewéckelen.

PARTNER:

- SIVÉC – Syndicat intercommunal à vocation écologique
- SIDÉC – Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets
- SIGRE - Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers, encombrants et assimilés en provenance des communes de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach
- STEP - Syndicat intercommunal

- Valorlux ASBL
- SuperDrecksKëscht®
- Ecotrel ASBL
- Ecobatterien ASBL

PARTNER GEMENGEN (86*):

Beaufort, Bech, Beckerich, Berdorf, Bettembourg, Bettendorf, Betzdorf, Bissen, Biwer, Boulaide, Bourscheid, Bous, Clervaux, Colmar-Berg, Consdorf, Contern, Diekirch, Differdange, Dippach, Dudelange, Ell, Echternach, Erpeldange-sur-Sûre, Esch-Alzette, Ettelbruck, Esch-sur-Sûre, Feulen, Fischbach, Flaxweiler, Frisange, Goesdorf, Grevenmacher, Groussbous, Heffingen, Helperknapp, Parc Hosingen, Käerjeng, Kayl Tëiteng, Kiischpelt, Lac de la Haute-Sûre, Larochette, Leudelange, Lintgen, Lorentzweiler, Ville de Luxembourg, Mamer, Manternach, Mersch, Merttert, Mertzig, Mondorf, Nommern, Petange, Préizerdaul, Pütscheid, Rambrouch, Reckange-sur-Mess, Redange, Reisdorf, Remich, Roeser, Sandweiler, Saeul, Sanem, Schengen, Schieren, Schiffflange, Schuttrange, Stadtbredimus, Steinsel, Tandel, Troisvierges, Vallée de l'Ernz, Vianden, Vichten, Wahl, Waldbillig, Waldbredimus, Walferdange, Weiler-la-Tour, Weiswampach, Wincrange, Winseler, Wiltz, Wormeldange

* d'Lëscht kann änneren